ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

**Groupe parlementaire**

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, de 25. November 2020

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister an un de Här Justizminister weiderzeleeden.

D'EU-Kommissioun plangt fir am Dezember déi sougenannte Cannabinoiden (CBD) nei ze bewäerten. Déi sollen an Zukunft net méi legal sinn. D'Suite dovunner wär en europawäite Verbuet vun allen CBD-Produkter. Dovunner ausgeholl wären nëmme chemesch CBD-Extrakter.

An dësem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Madamm Gesondheetsminister an un den Här Justizminister:

1. Wat sinn d'Pläng vun der Regierung betreffend CBD-Produkter, déi jo op ville Plazen hei zu Lëtzebuerg legal am Verkaf sinn?
2. Wéi ass d'Positioun vun der Regierung, wat d'Initiativ vun der EU-Kommissioun ugeet, fir Cannabidiol wëllen ze verbidden?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

**ADR – Groupe parlementaire** **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg** **Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
**ADR – Parti politique**